N°1976
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1976 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

1. **Dierf d'Personal an engem Baumarkt een Déier dout maachen? Falls jo, wéi gëtt kontrolléiert, dass d'Schutzmoossname vum Déiereschutzgesetz agehale ginn?**

   De Reglement grand-ducal vum 5. Dezember 2018 déterminant les conditions de détention des animaux verweist a sengem Artikel 2, Paragraphe 3, dass d'Mise à mort am Respekt vum Artikel 11 vun der *Convention européenne pour la protection des animaux de compagnie*, vum 13 November 1987, muss geschéien:

   Article 11 – Sacrifice 1
   Seul un vétérinaire ou une autre personne compétente doit procéder au sacrifice d'un animal de compagnie, <u>excepté en cas d'urgence pour mettre fin aux souffrances d'un animal et lorsque l'aide d'un vétérinaire ou d'une autre personne compétente ne peut être obtenue rapidement</u> ou dans tout autre cas d'urgence prévu par la législation nationale. Tout sacrifice doit se faire avec le minimum de souffrances physiques et morales en tenant compte des circonstances. La méthode choisie, excepté en cas d'urgence, doit : a soit provoquer une perte de conscience immédiate puis la mort, b soit commencer par l'administration d'une anesthésie générale profonde suivie d'un procédé qui causera la mort de manière certaine.

   Wann d'Urgence ginn ass, a wann d'Hëllef vun engem Veterinär oder enger anerer kompetenter Persoun net schnell genuch disponibel ass, muss eng Persoun een Déier vu senge Qualen erléisen.

   *(*3)Tout animal qui paraît malade ou blessé, <u>doit</u> être logé et soigné compte tenu de son état ou, à défaut, <u>être mis à mort</u> en respectant les conditions de l'article 11 de la <u>loi du 31 juillet 1991</u> portant approbation de la Convention européenne pour la protection des animaux de compagnie, signée à Strasbourg le 13 novembre 1987.)*

2. **Wéi eng Bedingunge muss ee Baumarkt erfëllen, fir Déieren dierfen ze verkafen? Wéi eng Qualifikatiounen oder Agrementen muss d'Verkafspersonal hunn, fir lieweg Déieren dierfen ze verkafen?**

   Den Art.6(2)4. schreift eng ministeriell Geneemegung fir Geschäfter vir déi lieweg Déiere verkafen. Bei der Prozedur fir d'Geneemegung gëtt och gepréift, wat fir eng Formatiounen d'Personal huet resp. wéi déi intern Formatioun vum Personal an deem Beräich ass.

3. **Wéi vill Déiere sinn 2022, 2023 an 2024 an esou Geschäfter gestuerwen? (Aneschters gefrot: wéi vill Déiere goufen comptabelstechnesch als "Perte" deklaréiert?)**

   Et gi keng Donnéeën oder Statistiken iwwert d'Unzuel vun de verstuerwenen Déieren an de Geschäfter.

4. **Wäert dës Regierung sech dofir asetzen, dass de Verkaf vu liewegen Déieren a Baumäert, wou donieft nach Faarwen, Schrauwen an Dünger verkaf ginn, ophält?**

   D'Déiereschutzgesetz gëtt aktuell iwwerschafft. Dobäi ginn all d'Méiglechkeeten iwwerpréift fir den Déiereschutz zu Lëtzebuerg weider ze garantéieren a wann néideg ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 17 .Mäerz 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN